



sat ginn. Ech wäert dat da mat Argusauge sui-véieren an ëmmer erëm frësch drop opmierksam maachen, wann dat dann net de Fall ass.

Villmools Merci.

► **Une voix.**- Huel't lech an Uecht!

► **Une autre voix.**- Mir hunn lech am An!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Här Minister, wann Der nach eppes wëllt soen zu den Argusaen?

(*Hilarité*)

► **M. Romain Schneider, Ministre des Sports.**- Ech hu mech hannert de fréiere Sportsminister gestallt a mir zwee wäerten dat och maachen...

(*Hilarité*)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Dann ass deen heite Punkt ofgeschloss a mir géifen zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen. Dat ass de Projet 6819, en Accord iwwert d'Statuten an d'Funktiounen vun der Commission internationale pour les personnes disparues. An d'Rapportes, d'Madamm Claudia Dall'Agnol, ass scho prett.

6. 6819 - Projet de loi portant approbation de l'Accord sur le statut et les fonctions de la Commission internationale pour les personnes disparues, fait à Bruxelles, le 15 décembre 2014

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

► **Mme Claudia Dall'Agnol (LSAP), rapportrice.**- Merci, Här President, fir d'Wuert. Wéi Der ganz richteg sot, beim Projet de loi, dee mer elo gläich hoffentlech dann och unanime wäerte stëmmen, do geet et ëm d'Kommission, déi sech ëm verschwonne Persounen këmmert an ëm en neie Statut. D'Mission vun dëser Kommission war ursprénglech déi, fir Läichen aus dem Bosnien-Herzegowina-Krich ze identifizéieren. An et goufen ëmmerhi 27.000 vu 40.000 Persounen, déi während dem Konflikt an Ex-Jugoslawien verschwonne waren, duerch dës Kommission lokaliséiert an identifizéiert.

D'Kommission, déi gouf deemools mat den Accorde vun Dayton gegrënnt. Fir eiser aller Erënnerung vläicht e bëssen opzefrëschen, e puer Wuert iwwer Dayton a wat Dayton war. Vum 1. bis den 21. November 1995 hunn op der Airbase Wright-Patterson, no bei der Stad Dayton eben am US-Bundesstat Ohio, Négociatione stattfonnt gehat, fir dass dee véier Joer laang dauernde ganz bluddege Krich an der fréierer Republik vu Jugoslawien endlech sollt en Enn kréien. An an deemselwechten Otemzuch ass dann eben déi Kommission, vun där ech elo hei schwätzen, gegrënnt ginn.

Spéider ass dunn awer d'Mandat vun där Kommission ausgeweit ginn, an zwar zum Beispill op aner arméiert Konflikter, op organiséiert Kriminalitéit, mä och zum Beispill op Naturkatastrophe wéi zum Beispill den Hurrikan Katrina oder och den Tsunami op de Philippinen.

Dës Kommission, déi schafft haut op alle Kontinenter u Projeten zur Identifikatioun vu verschwonnene Persounen. An am Moment konzentréiert sech hir Aarbecht drop, déi Persounen ermëzefanne respektiv ze identifizéieren, déi beim Fall vum Gaddafi-Regim a Libyen verschwonne sinn.

An erlaabt mer do vläicht, eng kleng Klammer opzemaachen: Ech hat d'Chance, d'lescht Woch de Buergermeeschter vu Bengasi an de Schäfte vun Tripolis kennenzéieren. A wann een deenen nogelauschtert huet, da weess een, dass déi Kommission an deem Land nach ganz vill Aarbecht wäert hunn.

Déi Kommission, déi dréit dann, wéi gesot, dozou bäi, dass d'Justiz hir Aarbecht ka maachen, well se ënner anerem Preuvë bréngt, déi bei Penalprozesser kënnen gebraucht ginn. D'Kommission, déi huet awer och eng Datebank online mat Informatiounen vun 150.000 verschwonnene Persounen. An d'Kommission besteet aus engem Conseil vu Kommissären, engem Generaldirekter an natierlech dem Personal.

Dës Kommission, déi war effektiv geschaaft ginn, nodeems se hir Aarbecht a Bosnien-Herzegowina ofgeschloss hat, mä nodeems se 18 Joer gutt a mat vill Succès geschafft huet, goug et och drëms, dat Wëssen, dat se ugesammelt hat, ze erhalen. Dofir gouf dunn de 15. Dezember 2014 zu Bréissel en Accordcadre, ëm deen et dann elo hei geet, signéiert, an zwar vun Holland, Schweden, Groussbritan-

nien, der Belsch a Lëtzebuerg. Iwwregens war eist Land vun den Initiateuren, näamlech Holland a Groussbritannien, gefrot ginn, fir als Membre fondateur vun Ufank un hei derbäi sollen ze sinn.

Dësen Accord soll e Cadre juridique kreéieren, wat de Statut an d'Funktiounen vun der Kommission ubelaangt, mä soll awer och verschidde Privilegien an natierlech d'Immunitéit fir hir Membere festschreiwen, fir dass déi hir Aarbecht um Terrain och kënnen professionell an och onofhängeg maachen.

Am Moment ass de Sëtz vun der Kommission nach zu Sarajevo, der Haaptstad vu Bosnien an Herzegowina, mä dee gëtt duerch den Accord op Den Haag an Holland transferéiert, wou jo schonn eng ganz Rei aner wichteg Institutionen hire Sëtz hunn, déi sech och mat der Matière vum internationale Recht auserneesetzen.

Wat awer nach wichteg ass ze bemerken, ass och, dass d'Kommission vu volontäre Kontributiounen leeft an dass also kee weidere finanziellen oder juristeschen Effort vum Grand-Duché virzegesinn ass.

Op d'mannst all dräi Joer soll eng Konferenz vun alle Länner, déi den Accord ënnerschréiwen hunn, stattfannen. Eng éischt Reunion huet am Oktober zu Den Haag stattfonnt an hei goufen dann och d'Prioritéit vun der Kommission bis 2018 diskutéiert. Nieft verschidene Konferenze soll virun allem d'Entwécklung vun de wëssenschaftleche Methode fir d'Identifikatioun vun deene verschwonnene Persounen weiderentwéckelt ginn.

Bis de 16. Dezember d'lescht Joer konnten nach nei Länner dësen Accord ënnerschréiwen. Dëst gouf du vun Zypern, Chile a Serbien gemaach. All Land, wat dono wëllt matmaachen, muss dat via eng Adhäsionsprozedur maachen. Groussbritannien, Schweden an Holland hunn hir Ratifikatioun schonn déposéiert an domat ass dësen Accord och schonn a Kraaft getrueden. Hei geet et also drëms, dass och Lëtzebuerg dësen Accord elo hei ratifizéiert.

Dofir dann elo direkt zum Administrativen. Eisen Ausseminister, de Jean Asselborn, huet de Projet de loi den 18. Mee d'lescht Joer hei an der Chamber déposéiert. Ech gouf dunn an der Reunion vun der aussepolitischer Kommission vum 7. Dezember d'lescht Joer zur Rapportrice genannt. Mir kruten de Projet natierlech och virgestallt a mir hunn den Avis vum Conseil d'État analyséiert, an dono gouf du mäi schrëftleche Rapport an eiser Reunion vum 1. Februar ugehol.

De Conseil d'État, dee gëtt och säi Feu vert fir dëse Gesetzesprojet. E fënn d'Aarbecht vun der Kommission immens wichteg, dat och nach ëmmer vu och dat aktuell geopolitescht Ëmfeld, wat jo net méi einfach ginn ass. D'Aarbecht vun der Kommission huet et erméiglecht, d'Erënnerung un déi dach zum Deel brutal embuecht Mënschen a Konfliktregiounen ze erhalen.

Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wa mer also dësen Accord elo hoffentlech unanime stëmmen, da weise mer als Lëtzeburger Land, dass mer de fundamentale Rechter verbonne sinn, a virun allem, dass mer wëllen, dass jiddweree weess, wat mat senge Léifste geschitt ass.

An deem Sënn bieden ech lech natierlech alleguerten, dësen Accord ze stëmmen. An ech profitéieren och dovunner, fir den Accord vu menger Fraktioun, de Sozialisten, zu dësem Projet ze ginn. An ech soen lech Merci fir Aert Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och der Madamm Rapportrice.

Discussion générale

► **M. Serge Wilmes (CSV).**- Här President, kann ech d'Wuert hunn?

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Jo.

► **M. Serge Wilmes (CSV).**- Ech soen der Rapportrice villmools Merci fir hire Rapport an ech bréngen den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësem Projet de loi. Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Soss nach Wuertmeldungen? Här Gusty Graas.

► **M. Gusty Graas (DP).**- Jo, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen, dës Kommission huet ouni Zweifel en héijen humanitäre Charakter. Mir sinn och frou, dass se elo méi eng professionell Struktur kritt, dass et u sech och elo eng Organisatioun vun internationalem Statut gëtt. A mir sinn och der Meenung, dass et wichteg ass, dass ee virun allem fir déi Leit, déi als verschollen, als verschwonne gëllen, do e Maximum mécht, fir awer och hiert Schicksal kënnen opzeklären.

Et ass evident, dass mer als Demokratesch Partei och hannert deem Projet hei stinn. An ech

profitéieren och nach vun der Geleeënheet, fir der Madamm Dall'Agnol Merci ze soe fir hire Rapport. Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci dem Här Graas. Den Här Adam.

► **M. Claude Adam (déi gréng).**- Jo, Merci, Här President. Ech wollt och der Madamm Dall'Agnol Merci soe fir hiren ausféierleche mëndlechen a schrëftleche Rapport. Si huet ganz gutt erkläert an eis drop higewisen, wéi wichteg déi Aarbecht vun där Commission internationale pour les personnes disparues ass. Ech si frou an och e bëssen houfreg drop, dass mir Matinitiator waren, fir deen Accord hei zustanen ze kréien. An dofir bréngen ech och gären den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Accord.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Adam. An d'Wuert huet elo den Här Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Villmools Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, och vun eiser Säit aus fir d'Éischt e Merci un d'Madamm Dall'Agnol. Et ass e gutt Beispill vu Lëtzeburger Baussepolitik, fir deen heite Genre vun internationaler Zesummenaarbecht ze ënnerstëtzen. Mir hunn hei derzou bäigedroen, fir et vläicht esou ze formuléieren, dass eng Kommission net verschwënnt, déi op jidde Fall hir Plaz hei huet an eng nützlech Aarbecht mécht.

Fir eis stellt sech just vläicht d'Fro an dësem Kontext, wéi mir an Zukunft mat dëser Institution kënnen zesummeschaffen.

Dat Éischt ass, dass mer natierlech d'Fro hu vun enger eventueller finanzieller Kontributioun. Wa mer den Accord liesen, dann denke mer, dass mer den Ausseministère sollten encouragéieren, wann en déi Aarbecht wëllt ënnerstëtzen, op de Wee vu fräiwëllege Kontributiounen ze goen, net vun obligatoresche Kontributiounen, well de Finanzcomité vun dëser Institution mat Majoritéitsprinzip fonctionnéiert. Deen Abléck hätte mer natierlech da keen Afloss méi oder net esou vill Afloss op d'Verwendung vun eise Suen. Duerfir géife mir, wann dee Wonsch géif bestoen, dat ze ënnerstëtzen, dat iwwert de Wee vu fräiwëllege Kontributiounen maachen.

Dat Zweet ass, dass mer et natierlech och géife begrëssen, wa mer eisen Ambassadeur zu La Haye do géife koakkreditéieren.

Dat Drëtt ass, dass mer och géife mengen, dass mer sollten d'Méiglechkeete vun enger bilateraler Zesummenaarbecht exploréieren. Wa mer schonn esou eng Institution wéi déi heite mat kreéieren a wëllen ënnerstëtzen, wat e richteg Wee ass, da solle mer och kucken, ob mer Méiglechkeete vun enger aktiver Zesummenaarbecht kënnen definéieren, déi jo gläichzäitig der Organisatioun géif hëllefen an och eis Visibilitéit géif verstärken.

Firwat mer awer och eigentlech d'Wuert elo hei gefrot hunn am Kontext vun dëser Ratifizéierung, dat ass deen Appell, deen de Statsrot gemaach huet un d'Regierung, fir den Engagement ze huelen, dass elo keng Ännerunge méi hei am Kader vun dësem Traité geholl ginn, déi a Kraaft géifen trieden, ouni dass d'Chamber virdru saisiéiert gi wär, dat am Respekt vum Artikel 37 vun der Constitution.

Mir wollten als ADR genau dee Punkt awer hei opwerfen, dass mer net déi Diskussioun hei hunn a séier ofschléissen, ouni deen Engagement vun der Regierung géintwuer der Chamber ze kréien, deen de Statsrot hei mat Recht freet, näamlech de volle Respekt vum Artikel 37 vun der Constitution. Et ass dat, wat mer hopen, vum Här Ausseminister ze héieren.

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Kartheiser. Ech ginn dervun aus, dass mer um Enn vun der allgemenger Diskussioun sinn. An den Här Ausseminister huet d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes.**- Ech wollt fir d'Éischt soen, dass... Geet dat heiten?

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Dir musst op de Knäppchen drécken.

► **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes.**- Et geet elo.

(*Interruptions diverses*)

Ah, deen do, okay.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Dir dréckt op dee falsche Knäppchen.

► **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes.**- Entschëllegt. Ech sinn net dacks hei.

Sou, ech wollt lech just soen, dass et de William Hague war an och de Frans Timmermans, déi

mech gefrot haten, fir matzemaachen. An d'Madamm Dall'Agnol huet déi ganz Geschicht hei opgeworf an och d'Substanz opgeworf, a si huet dat och, mengen ech, an e Pak an hirem Rapport gemaach, wou keng Faille dran ass.

Déi Froen, déi den Här Kartheiser mer gestallt huet, ech mengen, dat ass jo dann am Numm vun der Chamber, wann ech dat richteg héieren hunn. Mir maachen als Regierung natierlech alles, fir dass hei éischstens emol déi Implementatioun, also déi Akraaftriedung vun där Konventioun klappt. An natierlech, wa mer kënnen mathëllefen, maache mer dat.

Ech mengen, mir si jo net nëmme Grënnungsmitglied gewiescht, just fir derbäi ze sinn, mä fir dass dat och effektiv eng Folleg kritt. An Dir wësst, dass ganz, ganz vill Misär do nach opzeschaffen ass an dass selbstverständlech fir déi Leit, déi Famillje vun deenen, déi concernéiert sinn, dat trotzdeem en Trouscht ass, wa se wëssen effektiv, wat mat deene Verstuerwene geschitt ass.

Ech géif och mengen, dass mer an där Form vun där Konventioun, wéi se fixéiert ginn ass, als Chamber an als Regierung elo net sollen iergendwéi Stopppches do spillen. All Ännerungen, déi kommen, déi gi mer hei an d'Chamber eran an da maache mer dat, wéi erwuesse Leit dat matenaner maachen.

Mä ech wëll nach eng Kéier soen, ech sinn och frou, dass d'Chamber esou séier reagéiert huet, an et ass eng Konventioun, déi vläicht net de grouse Public do erreecht, mä dass mer awer do effikass geschafft hunn, och am Sënn vun e weëneg méi Mënschlechkeet bei all deenen Dramen, déi sech an der Welt zoudroen.

Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Ausseminister. A mir géifen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6819 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6819 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo ofgeschloss.

De Projet ass unanime ugehol.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Marcel Oberweis), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger (par M. Gusty Graas), Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Serge Urbany et David Wagner.

An et bleift mer just nach d'Fro ze stellen, ob mer d'Dispens vum zweete Vote ginn.

(**Assentiment**)

Dann ass dat esou décidéiert.

A mir kommen zum nächste Projet de loi, de Projet de loi 6839, en Accord zwësche Lëtzebuerg a Polen iwwert de géigesäitege Schutz vu klassifiziertem Material. An d'Wuert huet d'Rapportes, d'Madamm Claudia Dall'Agnol.

7. 6839 - Projet de loi portant approbation de l'Accord de sécurité entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République de Pologne concernant la protection réciproque d'informations classifiées, signé à Varsovie le 12 mai 2015

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

► **Mme Claudia Dall'Agnol (LSAP), rapportrice.**- Jo. Merci erëm eng Kéier, Här President.



Dir gitt mech net esou séier lass haut, gesitt Der.

A bei dësem Projet de loi geet et, wéi Der och schonn erëm eng Kéier richteg an Ärer Einleitung sot, ëm en Accord zwëschen eisem Land, op där enger Säit, a Polen, op där anerer Säit, iwwert den Échange an ëm d'Protektioun vu klassifizéierten Informatiounen, wéi mer der an der Vergaangenheet hei schonn eng ganz Rei gestëmmt hunn. An ënner anerem datéiert dee leschte Vott vum 14. Oktober, wou mer esou Accorde mat Kroatien an Eisträich gestëmmt hunn. Och dësen Accord schafft e rechtliche Kader, deen den Austausch an de Schutz vu klassifiziertem Material vun de Vertragsparteie regelt.

Fréier, ech géif soen, bis nom Enn vum Kale Krich, gouf d'Notioun vun „protection des informations classifiées“ éischter an engem militäreschen Zesummenhang gebraucht. Haut ass dat e bësse méi differenziéiert, och well mer verstärkt mat neien, och vläicht manner visible Menacë konfrontéiert ginn, zum Beispill Menacen am Beräich vun der Sécherheet. Do wärend dat den Terrorismus, d'Prolifération vu Massevernichtungswaffen, regional Konflikter an der Welt, mä awer och d'organiséiert Kriminalitéit.

Den zweeten Typ vu Menacen, dat sinn déi, wou et ëm eise Patrimoine économique et financier an och scientifique geet. An do handelt et sech dann ëm Industrie- oder och Technologiespionage.

Mir wëssen an deem Zesummenhang, dass mer haut um europäeschen Niveau vill Programmer am Beräich vun der „haute technologie“ hunn. An all déi Programmer sinn natierlech mat ganz ville sensibelen Informatiounen verbonden. Wann een als Land also wëllt un esou Programmer deelhuelen, da muss een de Partnerlänner och kënne garantéieren, dass hir sensibel Informatiounen zu Lëtzebuerg genau sou gutt protegéiert an opgehuewe sinn, wéi dat an hirem respektive Land de Fall ass.

D'Basis vun dësem bilateralen Accord ass gелеucht ginn duerch d'Gesetz vum 15. Juni 2004 relative à la classification des pièces et aux habilitations de sécurité. Duerch dëst Gesetz huet Lëtzebuerg sech e juristesche Kader gi fir d'Klassifizierung vu sensibelen Informatiounen. Zum Beispill: Wéini muss en Dokument klassifizéiert ginn? Wéi eng Geheimhaltungsstufe ginn et? Wien dierf eng Klassifizierung virhuelen? A wien huet och Zougrëff op d'Material? Dës Froe sinn an deem juristesche Kader definéiert.

Et ass vläicht och nach wichteg derbäi ze bemerken, dass et net nëmmen tëschestaatlech Ofkommesse fir de Schutz an den Échange vu klassifizéierte Piëcen an Informatiounen gëtt, mä et gëtt och multinational (veuillez lire: multilateral) Protektionsregimenter, zum Bspill am Kader vun der NATO, der ESA oder awer och der Europäescher Unioun.

Wat elo déi tëschestaatlech Ofkommessen ubelaangt, esou sief och nach erwänt, dass mer, wéi gesot, schonn eng ganz Rei Accorde mat Drëttstaaten hunn, zum Beispill mat eisen Nopeschlänner Frankräich, Däitschland an der Belsch, mä awer och mat Lettland, Portugal, Spuenien, mat der Tschechescher Republik, Schweden, der Slowakei, Finnland, Slowenien, Estland a Georgien. An iwwert déi zwee lescht vun esou Accorden, dat waren, wéi gesot, den Accord mat Kroatien an Eisträich, hu mer dann de 14. Oktober 2015 - Dir kënnt lech sécher all nach dorun erënneren - an dësem héijen Haus ofgestëmmt.

Dës Accorden, déi ech elo opgezielt hunn, déi hu praktesch ëmmer deen nämlechten Opbau, an dofir ginn ech dann elo net op all eenzelnen Detail dovunner an. Wesentlech bei deenen Accorden ass awer, dass all Vertragsstat déi néideg Mesuren hält, fir d'Protektioun vun de klassifizéierten Informatiounen, déi échangéiert ginn, eben ze garantéieren.

Eng klassifizéiert Informatioun, déi ee vun engem anere Stat kritt an déi engem bestëmmten Niveau de sécurité entsprécht, kritt dann och deeselwechte Protektionsniveau wéi déi eege klassifizéiert Informatiounen an deem bestëmmten Niveau de sécurité. Fir dass dat an der Praxis och geschéie kann, enthält den Accord en Tableau d'équivalence vun de véier Niveaux de sécurité: très secret, secret, confidentiel a restreint.

Zum Administrativen: De Statsrot huet de Projet de loi den 20. Oktober aviséiert. De 7. Dezember du gouf ech zur Rapportrice vun dësem Projet de loi genannt. Mäi schrëftleche Rapport gouf den 1. Februar dunn an der aussepolitescher Kommissioun ugeholl.

Änlech Accords de sécurité hu mer, wéi gesot, bis elo mat 16 Staten ofgeschloss. Dëst ass also nach e weideren Accord, wéi gesot, mat Polen. An och den Accord de sécurité mat der Organisation conjointe de coopération en matière

d'armement, ofgekierzt OCCAR, hu mer de 14. Oktober d'lescht Joer dann och hei scho gestëmmt.

Dat gesot, ass meng Aarbecht als Rapportrice domat emol fir dëse Projet gemaach. Ech soen lech och Merci erëm eng Kéier fir d'Nolauschten an Är Gedold. An ech ginn och erëm eng Kéier den Accord vun der sozialistescher Fraktioun fir dëse Projet de loi.

Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Ech hunn e puer Wuertmeldungen, fir den Accord ze ginn.

Kann ech dovunner ausgoen, dass den Accord ginn ass?

(Assentiment)

Ah, ausser dem Här Kartheiser, dee méi laang wëllt schwätzen.

(Discussion générale)

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Kann ech d'Wuert eng Kéier kréien?

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Ma Här Kartheiser, wéi kéint ech lech dat refuséieren?

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Vill ze gentil, Här President. Villmools Merci.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och e Merci fir d'Madamm Dall'Agnol fir déi Erklärungen zu dësem Projet. Ech mengen, et sinn zwou Saachen, déi mer wëlle soen.

Dat Éischt ass, dass mer am Kader vun esou Gesetz mer wéi deem heite mussen drop Uecht ginn, dass mer fir déi auslännesch Partner effektiv en zuverlässige Partner sinn, fir Geheimnisser och ze schützen. Mir hunn heiansdo Zweifel. Mir kréien elo hei d'Diskussioun ronderëm d'Archive vum Geheimdéngscht, wou mer Historiker zouloossen, déi keng Clearance hunn. Dat ass eng Entwécklung, déi eis och ka Suerge maachen. Ech mengen, dat ass wichteg. Virun allem wann et drëm geet, fir géintwuer den auslännesche Staten ze weisen, dass mer ganz eescht mat de Geheimnisser ëmginn, déi dëst Land huet, ass dat vläicht net e gutt Zeechen. Mir sollte wierklech derfir suergen, dass mer ëmmer héich Standarden do uleëen.

Dat Zweet ass, dass mer bausempolitesch gesinn et begreissen, dass mer elo en Accord mat der Republik Polen ofschléissen, well déi bilateral Beziéunge mat Polen a leschter Zäit gelidden hunn. Mir haten e Regierungswissel a Polen an eisen Här Ausseminister huet Polen op eng ganz staark Manéier kritiséiert, nodeem déi nei Regierung verschidde Moosnamen ugekënnegt hat. Do war eng Kritik iwwer verschidde Reformen am Verfassungsgesetz, déi den Här Minister do gesot huet. An en huet och eng zweet Kritik ubruecht iwwert d'Fräiheet vun der Press.

Elo muss ee wëssen, dass ee kann iwwert de Fong vun esou Kritik selbsterständlech diskutéieren, och wann zum Beispill déi Dispositiounen iwwert d'Press, wéi se elo a Polen gëllen, a Frankräich an äänlecher Form applizéiert ginn, et kann een och iwwer Verfassungsgesetzgerichter schwätzen, iwwer Quoren a Verfassungsgesetzgerichter, prozedural Froen. Och am Bundesverfassungsgesetz an an anere Verfassungsgesetzgerichter, déi mer gutt kennen, gëtt et äänlech Regeln. Et kann een also iwwert de Fong schwätzen.

D'Form war awer sécher iwwerdréien: Fir vu furchterregenden Evolutiounen ze schwätzen, fir déi nei Regierung direkt mat engem diktatorresche Regimm ze vergläichen, dat geet relativ wäit, zemoos wa mer awer als kleengt Land sollen drop beduecht sinn, fir och mat der Republik Polen gutt bilateral Beziéungen ze hunn.

Mir woren och vläicht als Lëtzebuerg net déi Besch, fir als Éischt mat esou Kriticken ze kommen oder an esou enger staarker Form mat esou Kriticken ze kommen. Mir héieren aus Polen berechtigt Kriticken. Mir sinn dach déi - net mir als ADR, mä véier Parteien, déi hei an der Chamber vertruede sinn -, déi e Lëtzebuerger Verfassungsgesetzgericht an där neier Verfassung wëllen ofschafen! Hei besteet eng Tendenz, fir d'Verfassungsgesetzgericht zu Lëtzebuerg ganz ofzeschaffen. Eng Tendenz, déi mir als ADR net guttheeschen! Mä dann ass et ausge-rechent e Land, wat d'Verfassungsgesetzgericht ofschafe wëllt an duerch en anere System ersetze wëllt, dee wahrscheinlech d'Konstitutionaliteit vun de Gesetzgeber manner gutt...

(Interruption par M. Alex Bodry)

Wëllt den Här Bodry mer eng Fro stellen, Här President? Oder e soll mech schwätze loossen!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Ech hunn déi Impressioun. Här Bodry?

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - ...Här Kartheiser, déi doten Theesen, déi komme mer bekannt vir. Déi Theesen,...

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Ma dat ass gutt!

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - ...déi Dir sot, déi entspreche praktesch eent zu eent deenen Theesen, déi de polneschen Ambassadeur a polneschen Zeitunge gesot huet.

► **Une voix.** - Genau!

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Ech froe mech, wou déi komplett Identitéit vun de Vuen do hierkënn. Éischt Feststellung! Dir sollt emol vläicht doriwwer nodenken!

Déi zweet Feststellung ass déi, ob Der net der Meenung sidd, dass, wann ee géif an e System goen, wou all Riichter kann iwwert d'Verfassungsméissegkeet vu Gesetzgeber jugéieren, dat e Plus wär par rapport zu politesch nominéierte Verfassungsgerichter.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Also, Här President, ech si verwonnert doriwwer, dass den Här Bodry mir Froe stellt iwwert d'Analyse vum polneschen Ambassadeur, deen déi a Polen publizéiert. Ech mengen, e soll déi Froe vläicht un de polneschen Ambassadeur adresséieren. Mir maachen hei eis Analys, an déi bréngen ech hei grad vir an aller Transparenz. An Dir hutt jo och vun der Geleeenheet profitéiert, fir dat...

(Interruption par M. Alex Bodry)

Majo, dann hänkt dat vläicht domat zesummen, dass de polneschen Ambassadeur d'Realiteit vun dësem Land ganz gutt kennt an eng intelligent Analys mécht vun deem, wat hei geschitt!

(Brouhaha)

Dat... Mä wann ech dierf weiderschwätzen?

(Interruption)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Erlaabt Der, dass den Här Paul-Henri Meyers lech eng Fro stellt?

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Selbsterständlech, selbsterständlech!

► **M. Paul-Henri Meyers (CSV).** - Här Kartheiser, wësst Dir, dass mer an der Verfassungsreform en Artikel virgesinn hunn, dee virgesäit, dass d'Urteeler vum Verfassungsgericht en Effet hunn op déi Dispositiounen, déi net verfassungskonform sinn, an dass virgesinn ass, dass déi Dispositiounen ausser Kraaft gesat ginn? Hutt Der dat matkritt? Dir kënnt et an der Verfassungspropositioun noliessen. Dir kënnt jo och, wann Der hei schwätzt... Dir schwätzt esou, wéi wann Dir hei déi Meenung géift vertrieiden!

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Ma ech soen lech och villmools Merci fir déi Fro. Dir gitt mer d'Geleeenheet, lech emol eng aner Fro ze stellen, Här Meyers.

(Protestations)

Dir hutt näamlech... Dir hutt hei am Land... Och déi Zäit, wou d'CSV an der Regierung war, huet d'Verfassungsgericht eng Rei Dispositiounen aus dem Code civil fir net verfassungskonform deklaréiert. Kee Minister vun der CSV oder vun der LSAP oder vun der aktueller Regierung huet bis elo dat geännert, wat eist Verfassungsgericht viru Joren als net verfassungskonform festgehalten huet!

Da kommt Dir heihinner an Dir frot mech, ob ech Saache matkréien an den Entwécklungen. Jo! D'Antwort ass Jo, ech kréien et mat, well ech dat genau verfolge. Mä firwat, wou Dir et verfolge a wou Dir déi Urteeler jo ganz sécher kann hutt, firwat hutt Dir dat net gemaach, fir net verfassungskonform Dispositiounen an eise Gesetzgeber ze änneren, nodeem d'Verfassungsgericht zu engem Uerteel komm ass?! Dat ass déi Verantwortung, déi lech gestallt ass an Dir hutt se net wouergeholl, wou Der nach um Pouvoir waart!

(Brouhaha général)

Ech géif elo soen, ech stelle vläicht dem Här Minister d'Fro virun, well dofir sinn ech eigentlech heihikomm. An déi aner Froen, wa mer zu enger Verfassungsdiskussioun zu Lëtzebuerg kommen an zu engem Referendum, da wäert Der sécher sinn, dass d'Stëmm vun der ADR och gehéiert gëtt!

Här President, ech komme vläicht zrëck elo op déi Diskussioun, déi mer elo haten.

(Interruptions diverses)

Sou, ech mengen, ech...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Also, den...

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Den Här Paul-Henri Meyers wëllt erëm eng Fro stellen.

(Hilarité)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Voilà, ech ginn dem Här Paul-Henri Meyers d'Wuert.

► **M. Paul-Henri Meyers (CSV).** - Ech hätt gär den d'Wuert...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Ech hat eigentlech geduecht, dass d'Fröestonn virun enger hallwer Stonn eriwwer gewiescht wär, mä...

► **M. Paul-Henri Meyers (CSV).** - Neen, den Här Kartheiser huet mech hei perséinlech ugeschwat an dofir hätt ech gär d'Wuert!

(Interruptions diverses)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Jo. Wann ech gelift! Wann ech gelift! Just den Här Paul-Henri Meyers huet elo d'Wuert an dann den Här Kartheiser.

► **M. Paul-Henri Meyers (CSV).** - Här Kartheiser, déi Feststellung, déi Der gemaach hutt, ass net falsch.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Merci!

► **M. Paul-Henri Meyers (CSV).** - Net fir all Uerteeler, mä fir eng ganz Rei. An et ass just aus där Ursach, dass d'Verfassungskommission déi Dispositioun, déi ech virdru genannt hunn, als Propos an d'Verfassungsreform gesat huet.

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Voilà!

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Ma ass dat dann eng Antwort?! Natierlech, Dir ännert d'Verfassung,...

(Exclamations)

► **Mme Octavie Modert (CSV).** - Mir hunn dach d'Konklusioun gezunn aus där Feststellung do!

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Här Meyers, Dir sot mir hei, „mir änneren d'Verfassung“, wou mer virdrun eng Situatioun haten, wou e legal etabliert konstitutionell Verfassungsgesetz eng Feststellung gemaach huet an d'Politik sech net ëm dat Uerteel gekëmmert huet! An da kommt Dir heihinner an da Der sot: „Ma dann änneren mer d'Verfassung!“ Ma firwat ännert Der d'Gesetz net?!

► **M. Roy Reding (ADR).** - An da Polen kritiséieren!

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - An nach Polen kritiséieren, wéi den Här Reding richteg seet!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Sou, an elo...

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Ech mengen, mir kommen elo zrëck vläicht...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Voilà! Voilà!

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Voilà!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Elo adresséiert de Riedner sech erëm un d'Chamber a mir loossen en zum Schluss kommen! Ech ginn em eng zousätzlech Minutt, well dat den Ennerbriechungen entsprécht.

(Exclamations)

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - E bësse méi, Här President, well ech hu mer...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Jo, hei, da schwätzt emoll! Ech jugéieren dann.

(Hilarité et interruptions)

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Also, ech komme mer elo vir wéi a Polen virun der Revolutioun.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Neen, Här Kartheiser, ech hunn ëmmer gemengt, Dir hätt Humor.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Jo, Merci, Här President, dat éiert mech. Also ech wollt elo zrëckkommen op de Sujet Polen.

Et ass also eng Fro vun der Form, wéi déi Kritik virbruecht gëtt. An déi huet net de Regele vun der Diplomatie entsprach. An et ass eng Fro vum Fong, wou mir eben, wéi gesot, selwer e Verfassungsgericht wëllen ofschafen an dann anerer weinst Modalitéite kritiséieren.

An och an deem zweeten Dossier vun der Fräiheet vun der Press! Ech erënneren drun, dass hei de Conseil de Presse zweemol protestéiert huet géint e Gesetz, wat d'CSV abruecht hat hei, dat berüümt Gesetz vun der Madamm Hetto, an deem de Contenu vun eiser Press ka beaflosst ginn. Mir si wahrscheinlech dat eenzelt oder eent vun deene ganz sielenen europäesche Länner, wou et e Gesetz gëtt, wat géint den Avis répété vun der Press ugeholl ginn ass a wat an d'Pressefräiheet agräift!

Si mir dann déi, déi als Éischt beruff sinn, fir d'Pressefräiheet an anere Länner ze kritiséieren? Solle mer net fir d'Éischt kucken, dat ze redresséieren, wat hei falschgemaach ginn ass, an d'Pressefräiheet zu Lëtzebuerg voll ze rétabléieren?



ren? Zemools, well mer och nach an anere Punkten eng Pressefräiheet hunn, déi diskutabel ass! Kuckt den 100,7 a wéi dee géériert gëtt! Kuckt, datt den 100,7 e Bäitrag, deen em net geneem war, aus dem Archiv erausgeholl huet!

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Ass dat e Beispill vu Pressefräiheet?

► **Une voix.**- Neen!

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Ech mengen, mir sollten hei kucken als Lëtzebuerg, zesummen als Lëtzebuenger Politiker, datt mer d'Pressefräiheet hei am Land stäerken, a mir sollten, ier mer de Splitter am A vun eisen Nopere gesinn, de Balken an eisen eegenen Aen emol eraushuelen!

Ech soen Iech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien! Très bien!

► **Plusieurs voix.**- Ooh!

► **Mme Claudia Dall'Agnol** (LSAP), *rapportrice*.- Här President!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Domat ass den allgemengen Débat... Ah, d'Madamm Dall'Agnol als Rapportrice.

► **Mme Claudia Dall'Agnol** (LSAP), *rapportrice*.- Ech wollt just nach eng Kéier drop hiweisen, datt ech e Rapport zu engem Projet de loi gemaach hunn an datt dovunner net ganz vill elo am Här Kartheiser senger Ried kouw. An ech mengen, datt mir hei iwwert dee Projet de loi sollen ofstëmme an net iwwert dat, wat de polnesche Botschafter gesot huet oder iwwert d'Pressefräiheet a Polen! Merci!

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Setzt Der eis och elo nach gären e Maulkuerf heibannen op, sot?!

► **Plusieurs voix.**- Ooh!

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Mir soen hei nach ëmmer, wat mir wëllen!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Wann ech gelift! Sou, wann ech gelift, et freet sech elo jiddwereen d'Wuert hei! Jiddwereen!

An d'Madamm Brasseur huet sech d'Wuert gefrot.

► **Mme Anne Brasseur** (DP).- Mir haten net wëlles, an dësen Débat anzegräifen. Mä nodeem ech dem Här Kartheiser nogelasschert hunn, mengen ech, misst een awer e puer Prezisiounen soen. Ech sinn entsat iwwert dat, wat den Här Kartheiser seet, dass en den Ausseminister kritiséiert, well dee ganz offen a senger Sprooch wor vis-à-vis vun deem, wat a Polen geschitt! Mir hunn an Europa eng Tendenz an et huet ugefaangen an Ungarn an et geet elo a Polen. Et gesäit een an anere Länner och Tendenzen, dass mer wierklech de Rechtsstat aushiewelen an dass mer och d'Pressefräiheet aschränken. An dat si ganz, ganz geféierlech Tendenzen!

Ech hu vun der „Orbanisatioun“ vun der Politik geschwat, an do muss mer ganz, ganz vigilant sinn. An da sinn ech wierklech entsat, Här President, wann ech e Kolleg heibannen héieren onsen Ausseminister ze kritiséieren, andeem e sot, dat wier keng diplomatesch Sprooch gewiescht, déi e gehat hätt. Et muss een heiansdo wëssen, wéini diplomatesch Sprooch muss en Enn hunn a wéini ee muss wierklech wëssen, firwat mer do sinn!

An ech wëll e kleng Rappel maachen: Polen ass Member vum Conseil de l'Europe a Polen huet domat d'Convention des droits de l'Homme mat ënnerschriwwen. An do gehéiert och d'Pressefräiheet dozou an och de Respekt virum Rechtsstat. A wa mer net oppassen, da kréie mer e Glissement an onse Staten, an dat ass eng Attack op ons Demokratie. Also, et gëtt Zäit, dass mer haart soen, wat mer lues denken, an net hei sech hannert der Diplomatie ze verstoppen, well et geet ëm ons Grondfräiheeten a -wäerter.

Merci, Här President.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Domat si mer um Enn vun der Diskusioun. An den Här Ausseminister huet d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères et européennes*.- Jo, ech wëll fir d'Éischt emol soen, dass d'Regierung zu hirem Projet de loi steet, deen d'Madamm Dall'Agnol explizéiert huet. Ech wëll och soen, dass d'Regierung steet zu där Kritik, déi mer ubruecht hunn zur Entwécklung a Polen, souwuel an der

Form wéi och um Fong. An d'Regierung hofft, dass déi Gesinnungsbridder vum Här Kaczyński hei zu Lëtzebuerg ëmmer eng Minoritéit bleiwen, eng kleng Minoritéit bleiwen. Soss géif et Lëtzebuerg schlecht goen.

Merci villmools.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Domat si mer um Enn vun den Diskusiounen iwwert de Projet 6839 a mir stëmme elo of.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6839 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt direkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmme. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

De Projet de loi 6839 ass mat 58 Jo-Stëmme, bei 2 Nee-Stëmme ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Marcel Oberweis), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger (par M. Gusty Graas), Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Serge Urbany et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(Assentiment)

Dat ass dann esou décidéiert.

A mir kommen zum nächste Projet, dem Projet de loi 6840, e Protokoll zum Euromed-Accord tëschent der Europäescher Communautéit an enger Rei vu Länner. An d'Wuert huet erëm eis attréiert Rapportrice, d'Madamm Claudia Dall'Agnol.

8. 6840 - Projet de loi portant approbation du Protocole à l'Accord euro-méditerranéen instituant une association entre la Communauté européenne et ses États membres, d'une part, et la République libanaise, d'autre part, visant à tenir compte de l'adhésion à l'Union européenne de la République tchèque, de la République d'Estonie, de la République de Chypre, de la République de Lettonie, de la République de Lituanie, de la République de Hongrie, de Malte, de la République de Pologne, de la République de Slovénie et de la République slovaque, signé à Bruxelles, le 1^{er} avril 2015

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

► **Mme Claudia Dall'Agnol** (LSAP), *rapportrice*.- Merci, Här President. Dir Häre Ministeren, Dir Dammen an Dir Hären, duerno sidd Der mech dann awer definitiv fir de Mëtte lass, vu datt dat mäi leschte Rapport zu engem Projet de loi fir haut ass.

Et geet, wéi de President alt erëm eng Kéier richtig sot, ëm eng Approbatioun vun engem Protokoll zum Euro-Mëttelmier-Associéierungs- ofkommen, wat d'EU mam Libanon ënnerschriwwen huet, fir der EU-Erweiterung vun 2004 Rechnung ze droen. Dëse Protokoll, dat ass eng procédural Nécessitéit, fir dës Länner - et sinn dat d'Tschechei, Estland, Zypern, Lettland, Litauen, Ungarn, Malta, Polen, Slowenien an d'Slowakei - formal an dat Associéierungs- ofkommen mam Libanon anzebannen.

Mat dëser Zort vu Projet wäerte mer eis an Zukunft nach weinstens zweemol beschäftege mussen, fir dann och dem Bäitritt vu Bulgarien a Rumänien an herno nach vu Kroatien 2013 Rechnung ze droen.

D'Ofkommen gouf de 17. Juni 2002 tëschent der EU an dem Libanon ënnerschriwwen. Den 23. März 2004 ass et vun der Chamber hei ratifizéiert ginn. An den 1. Abrëll 2006 ass deen Accord dunn EU-wäit a Kraaft getrueden.

Dës Associéierungsaccorde sinn op zwee grouss Ziler ausgeriicht. Et geet dorëms, den Handel ze liberaliséieren an ze férdere, souwuel tëschent der EU an hire Partnerlänner am Mëttelmierraum wéi och de regionalen Handel tëschent deene Staten.

Da geet et awer och ëm de politeschen Dialog, ëm Demokratie an ëm d'Mënscherechter. Dës Accorde sollen dat géigesäiteg Versteedemech, d'Zesummenaarbecht an och gemeinsam Initiative férdere. Am Endeffekt sti Friden a Stabilitéit am Vierdergrond, soudatt e Land wéi de Libanon zu méi Prosperitéit ka kommen.

D'Situatioun am Libanon, wéi mer all wëssen, ass am Moment äusserst schwierig. Dëst Land, dat ronn 4,6 Milliounen Awunner huet, behbergt haut 1,2 Milliounen syresch Flüchtlingen! D'Regierung vun deem Villvëlkerstat, wou Chrëschten a Moslemme säit Jorhonnerten, meeschtens zumindest, friddlech matenee liewen, huet et trotz gestigener Aarbechtslosegkeet an der Verschlechterung vum Statsdefizit fäerdegbruecht, Toleranz, wat déi extrem vill Flüchtlingen ubelaangt, ze behalen. Et gëtt no libaneeseschen Angabe geschat, datt d'Flüchtlingskris säit 2011 hire Stat, de libaneesesche Stat also, 7,5 Milliarden Dollar kascht huet. Fir syresche Kanner den Zougang zur Bildung ze erméiglechen, muss d'libaneesescht Léierpersonal oft duebel Schicht schaffen. An dach packt dat relativ klengt Land dës enorm Hürden!

Virum Hannergrond vun dëser Situatioun hunn d'EU an de Libanon am Dezember 2014 en Dialog iwwert d'Migratioun, Mobilitéit a Sécherheet ugefaangen, fir hinne ganz gezielt bei der Bewältigung vu Migratiounsfroen ze hëllefen. Ausserdeem huet d'EU bis haut 200 Milliounen Euro un humanitärer Ennerstëtzung fir de Libanon bereitgestallt. Dësen Engagement muss och weidergefouert ginn, fir dës Leit nach besser kënnen ze hëllefen.

Mä ech wëll awer och nach op déi aner Prioritéiten am Kader vun deem Accord mam Libanon agoen. Dës betreffe Reformen am Statswesen, fir d'Demokratie weider ze stäerken, am Justizwesen, fir dëst méi effizient ze gestalten, Mënscherechter, virum allem vu Minoritéiten a vu Fraen, besser ze schützen, am Handel, fir d'Wirtschaft ze stäerken, an der Energiepolitik, fir d'Sécherheet ze garantéieren an erneierbar Energien ze férdere, a schlussendlech dann och am Gesondheets-, Bildungs- a Sozialwesen, fir datt alleguerten d'Bierger an de Genoss vun enger gudder schoulescher Ausbildung an awer och vun enger effikasser Gesondheetsversuergung kënnen kommen.

Et ass wichteg, datt mer och weiderhin dës Reformen ennerstëtzen a se och begleeden.

Dann zum Schluss erëm eng Kéier zu deem méi administrativen Deel och vun dësem Projet de loi. De Projet gouf den 31. Juli 2015 vun eise Ausseminister an der aussepolitescher Kommission déposéiert. De positiven Avis vum Statsrot kouw den 20. Oktober d'lescht Joer. Ech sinn de 7. Dezember dunn als Rapportrice genannt ginn an ech hoffen, nodeem ech dann elo mäi schréffleche Rapport an dann och hei mäi mëndleche Rapport gemaach hunn, datt mer dës Projet de loi och kënnen mat der gréisstméiglecher Majoritéit stëmme.

Dat gesot, ginn ech dann och nach eng Kéier den Accord vu menger Fraktioun, vun de Sozialisten, zum Projet de loi an ech soen Iech Merci, datt Der mer dräimol nogelasschert hutt.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och der Madamm Rapportrice. Ech ginn dovun aus, dass hei de Rapport esou kloer war, dass mer um Enn vun eiser Diskussioun ukomm sinn. Wann net den Ausseminister anerer Meinung ass?

Prise de position du Gouvernement

► **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères et européennes*.- Neen, neen, neen, ech ralliéiere mech Arer Wäisheet an ech soen der Madamm Dall'Agnol Merci och do. An ech géif d'Chamber invitéieren, dat ze stëmme. Merci!

(Interruptions diverses)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Da géife mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6840 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6840 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt direkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmme. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

(Interruption par M. Marc Angel)

Jo?

► **M. Marc Angel** (LSAP).- Ech hu grad e Problem hei.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Jo, ech hunn awer 60 Stëmme.

► **M. Claude Haagen** (LSAP).- Et ass an der Rei. Et ass alles an der Rei!

► **M. Marc Angel** (LSAP).- Ah, dann ass et gutt, okay.

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Et huet een d'Procuratioun matgeholl.

► **M. Marc Angel** (LSAP).- Dann huet ee mech matgeholl, maja.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Et war wahrscheinlech...

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Dat kréie mer nach geregelt, Här President.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Also, de Projet de loi 6840 ass mat 58 Stëmme, bei 2 Enthaltungen ugeholl. Kuckt d'Ofstëmmungsresultat! Wann eppes net an der Rei wär, Dir waart jo heibannen.

Domat ass de Projet ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Laurent Mosar), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger (par M. André Bauler), Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Serge Urbany et David Wagner.

An et bleift mer d'Fro no der Dispens ze stellen.

(Assentiment)

D'accord. Merci, dann ass dat esou décidéiert.

A mir géifen elo zur Motioun vun Här Fernand Kartheiser iwwert d'Verbesserung vum Här Relatione mat Russland iwwergoen. Den Här Kartheiser huet d'Wuert.

► **Une voix.**- Eh voilà!

9. Motion de M. Fernand Kartheiser relative à l'amélioration des relations avec la Russie en œuvrant au sein de l'Union européenne et des instances internationales en ce sens et relative à la levée des sanctions contre la Russie

(Motion déposée en séance publique n°6 du 1^{er} décembre 2015 - à consulter au compte rendu n°3/2015-2016 en page 94)

Exposé

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR), *auteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Sanktiounen géint Russland, déi fannen an Europa net vill Unhänger bei der éffentlecher Meinung. Et ass esou, datt natierlech an de politesche Sphären dat ganz staark vertruede gëtt. Et ass och esou, datt et an de Medien zu engem Deel verdeelegt gëtt, awer och ëmmer méi an d'Kritik kënn. Mä ech mengen, et ass elo eng Geleeënheet, fir ze kucken, ob déi Sanktiounen wierklech Effikassitéit gewisen hunn a wat hir Effete sinn an ob mer se solle bäibehalen.

Si si vum 31. Juli 2014 a se sinn u sech mat zwee Argumenter ageféiert ginn. Dat eent, dat war eng Invasioun an eng Annexioun vun der Krim. An dat Zweet, dat wär eng russesch Verantwortung am Verloscht vum Vol MH17, dee jo iwwert der Ukrain duerch eng Explosioun erofgeschoss gouf.

Et ass elo esou, datt een... Ech wëll hei Abstraktioun maache vun deene geostrategeschen Interessen an der Region, mä mech just ëm d'Fro vun de Sanktiounen do këmmere. D'Ursaachen, déi ech elo genannt hu fir déi Sank-